



Assemblée générale ordinaire du 9 avril 2013

Allocution du président Fernand Muller

Gudden Owend

Dir Dammen an Dir ären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen Iech merci, dass Dir Iech haut den Owend Zäit geholl hutt fir an d'Generalversammlung vun der AGC ze kommen.

Wéi déi Jore virdrun sinn ech besonnesch frou haut och nees eis trei Grënnungsmitglieder hei begréissen ze kënnen: déi Häre Maurice Schmitz a Pierre Trausch. Hinnen hu mir et ze verdanken, dass et d'AGC gëtt, well si hunn se 1975, zesumme mat anere Kollege gegrënnt.

Begréisse wëll ech awer och eise fréiere President de Michel Schmitz, awer och all aner Ancienën a fréier Mitglieder aus dem Bureau exécutif an aus dem Comité vun der AGC.

Desweidere begréissen ech, den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires an den Här Marc Poos, Beamten an eiser Berufschamber.

D'lescht Joer hate mir eis Generalversammlung zu Mënsbech den 30. Mäerz.

D'lescht Joer hat ech hei vun engem mouvementéierte vergaangene Joer geschwat. Abee dat kann ee garantéiert och dëst Joer soen. Et kënn ee bal soen an de leschten 12 Méint hätten d'Affären dominéiert an déi politesch Klass koom mat Momenter ferm ënner Beschoss. Ech ginn awer elo hei net op all déi Affären an, well dat hunn d'Journalisten jo einigermoossen hikritt...

Just zum Bommeleeërprozess deen dës Woch weidergeet kann ee soen, dass do eng Rei Beamten hir Assermentatioun vergiess haten an net hir Pflicht am Déngscht vum Land gemaach hunn. Mä do huet awer virun allem d'Politik versot ...

Eppes wat um Enn vum leschte Joer vill Leit a besonnesch vill Staatsbeamte richtig gestéiert huet war d'Aart a Weis wéi de Budget 2013 zustane komm ass. Dat war nach net do, mä dat riskéiert awer Schoul ze maachen bei verschiddenen Deputéierten vun de Majoritéitsparteien.

Wat awer vill méi erfreelech ass, dat ass d'Resultat vum Staatsbudget 2012 wat de Finanzminister am Januar virgedroen huet. Et koum ongeféier dat eran wat am Budget 2012 virgesi war. Dat ass dach wonnerbar à Krisenzäiten. Mä elo sollen nach op den Exercice 2012 Dépense vun 1 Milliard Euro gemaach gi sinn ! Dat si bal 10% vum Staatsbudget. A wat fir eng Dépense sollen dat sinn ?

Wann domat eis zwou Air-Linen géifen nei kapitaliséiert ginn, da kënt een domat d'accord sinn, mä am Staat senger Comptabilitéit gëtt jo keen Ënnerscheid gemaach tëschent lafenden Ausgaben an Investissementer an d'Zukunft. Vlächicht gi mir och guer net gewuer wéi a wou d'Regierung déi Milliard ausgëtt oder schon ausginn huet.

Esou hat d'Regierung z.B. am Dezember vergiess de Leit am Land ze soen, dass Griichenland 25 Milliounen Euro kritt huet. An dat ass kee Prêt, mäi eng Finanzsprëtz déi mir net méi zrëckkréien.

Op Zypern brauche mir direkt näischt ze ginn, well do haten d'Finanzministeren déi Super- Iddi fir un de Leit hir Erspuernesser ze goen, an dat och nach als eng Steuer duerzestellen. Dat ass déi schlëmmst Décisioun déi een sech ka virstellen – ausgeféiert vu Bankraiber ouni Cagoulen.

D'Eurozon ass schwéier ugeschloen an et brauch een sech net ze wonnere wann eis Regierung u weider Spuermoosnamen a Steiererhéijungen denkt. Muer hält eise Premier seng Ried zum Zoustand vum Land. Et kann ee gespaant sinn ob hien de politesche Courage huet fir nach eng Well vu Spuermoosnamen a Steiererhéijungen virun de Chamberwale vum Mee 14 duerchzezéien...

Et ass zwar manner wichteg mä et gi Saache gemaach déi esou net ugekënnegt waren an déi der Fonction publique radikal zuwidder lafen. E Beispill: eis Kontrollstatiounen. Wann d'Bevëlkerung all Joer ëm 10 000 Leit wisst a wann de Fierpark all Joer méi grouss gëtt, da missten jo och eis Kontrollstatioune wuessen. "Gouverner c'est prévoir" heescht et esou schéin. Mä aplaz de Problem beim Service public ze léisen, gëtt déi Déngschtleeschtung dann einfach privatiséiert a bei d'Garagisten ausgelagert. D'Kontrollstatioune sinn e Musterbeispill wéi een de Service public ka verkomme loossen.

En anert Musterbeispill vun deem genre ass de Projet de loi de fir eng SNDU, Société nationale de développement urbain ze schaafe. Domat soll de Fonds du

logement an d'SNHBM zesummen an eng nei anonyme Gesellschaft erabruecht ginn. An da steet kloer an däitlech am Exposé des motifs, dass déi nei Gesellschaft e maximale Benefice soll maachen an et geet rieds vun Dividenden. An op déi Manéier soll d'Wunnéngsnout zu Lëtzebuerg behuwe ginn ? Hoffentlech liesen eis Deputéiert den Avis vun der Chambre des fonctionnaires...

Esou Saache geschéien wann d'Regierung de Lobbyiste vum Patronat zevill nolauschtert.

An déi Kategorie passt och de gedeckelten Index. Dat ass eppes ganz geféierlech, well domat gëtt eng Nei Epoch agelaut wou e systemateschen "Nivellement vers le bas" vu Paien a Gehälter bedriwwe gëtt. Als Redaktere gehéiere mir zum Mëttelstand a wiere vun esou enger Moosnam direkt betraff. An déi kleng Gehälter kréien ni méi eng Gehaltserhéijung well se jo den Index GANZ kréien.

Wann déi maximal Indextranche kënt dann erliewe mir eng nei Well vu sozialen Ongerechtegkeeten. Wann ee vum sougenannte **sozialen** Index schwätzt da geet et net duer nëmme d'Gehälter oder d'Pensiounen ze kucken, neen an deem Fall mussen déi gesamt Revenuë gekuckt ginn (Salaire, Loyer, Dividenden, etc.). An da si mir bei de Steieren. An dat ass och eng vill besser a méi gerecht Léisung wéi eng plafonnéiert Indextranche. Jidderee kritt de ganzen Index an déi héich Revenuë kréien z.B. iwwer d'Steieren nees d'Halschent ewechgeholl.

Da kommen ech bei eis Carrière, eis gutt Redaktesch Carrière. An ech kann iech soen – se leeft, well an de leschten 12 Méint sinn net manner wéi 110 Posten an eiser Carrière geschafe ginn. 56 beim Staatsconcours vum Juli, 27 beim Concours vum Dezember, an och nach 27 Plazen déi iwwer d'Mobilitéitsgesetz ausgeschriwwe goufen, also duerch de "Changement d'administration" bestat goufen. Et ass ze hoffen das all déi fräi Plazen an der Tëschenzäit besat sinn.

An deem Zesammenhank ass ze bedauern dass all déi Beamten déi dëst Joer a Pensioun ginn entweder guer net méi ersat ginn oder beschtefalls mat engem Retard vu 6 Méint eréischt ersat ginn. An dat bei 20 000 Leit am Chômage !

Wat d'Reformen an der Fonction publique betrëfft sou wësst dir dass d'Projetën zënter dem Juli d'lescht Joer an der Chamber leien. Dee sougenannte Package gouf jo bekanntlech ëm 2 Joer reportéiert a soll elo dëst Joer gestëmmt an dann 2014, respektiv 2015 a Kraaft trieden.

Et gëtt also och haut nach keng Bachelor-Carrière ... iwwer déi mir ewell jorelaange an eise Genralversammlung geschwat hunn.

An der AGC si mir jo iwwer 30 Joer laang an och haut nach der Meenung, dass eng Première oder eng 13e net méi duergeet fir an der Redaktesch-Carrière ze

bestoen. Mä leider ass de Redakter kee Beruff, well hien huet nëmmen eng Basis-Formatioun op déi dann déi spezifesch Ausbildung an deenen eenzelne Verwaltungen a Ministären opgebaut gëtt.

Mir waren a bleiwen der Meenung dass de Bachelor-Diplom déi richtig schoulesch Formatioun wier fir eiser Carrière hiren traditionnelle Stellewäert ze erhalten.

Leider ass dovun näischt an de Projeten vun der Reform ze fannen, déi de Moment an der Chamber leien.

Haut ass et esou, dass souguer jonk Leit mat Masterdiplom de Staatsconcours fir Redaktere maache fir iwwerhaupt eng Plaz ze fannen, an da spéider op déi richtig Schinn ze kommen.

De Moment riskéiert alles duercherneen ze geroen.

Op der enger Säit schéngt et esou ze sinn, dass d'Enseignantën am Enseignement fondamental e Masterdiplom brauche fir de Kanner eppes bäizebréngen.

Op der anerer Säit soll mat der Reform eng Police-Carrière an den neie Groupe de traitement B1 agestuft ginn, wat jo den neien Niveau vun der Redaktesch-Carrière ass.

Déi eng sinn no uewe fortgezunn, déi aner komme vun ënnen erop a mir Redaktere musse bleiwe wou mir sinn. Wéi soen d'Fransousen sou schéi: "Qui n'avance pas recule"

Kuerz virun Ouschteren hu mir e leschten Ulaf geholl fir ze rette, wat ze retten ass fir dass d'Redakteren net déi sinn déi bei der Reform eidel ausginn.

Mir wieren eis also bis zum Schluss !

Méi heiriwwer seet eis herno eise Generalsekretär. Domat sinn ech um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen Iech merci.